



nëmmen drop opmierksam maachen, dass mer och mat Nimm, selbstverständlech jiddefalls d'Regierung operéiere kéint, dat ass och schréfflech geschitt, an dass mer do hannendru bleiwen, fir mat den europäesche Kolleegen esou vill wéi méiglech trotzdeem d'chineesesch Autoritéiten do-robber hinzewiesen, dass, wa se géifen e Schrëtt hei maachen an déi richteg Richtung, dat China géif gutt zu Gesiicht stoen.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Ausseminister. Ech géif proposéieren, mir géifen iwwert déi Motioun ofstëmmen nom Vote vum nächste Projet de loi, well nach net jiddweree konnt déi Motioun kucken.

Mir kéimen dann elo zu eisem nächste Punkt vum Ordre du jour, nämlech de Projet de loi 6140 iwwert d'Reform vun der Formation professionnelle. Hei ass d'Riede-zäit nom Modell 1 festgeluecht. Et hu sech schonn ageschriwwen: déi Här Majerus, Bauler, Adam a Kartheiser. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Fernand Diederich. Här Diederich, Dir hutt d'Wuert.

5. 6140 - Projet de loi modifiant la loi du 19 décembre 2008 portant réforme de la formation professionnelle

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de la Formation professionnelle et des Sports

► **M. Fernand Diederich** (LSAP), *rapporteur*.- Merci, Här President. Madame, Här Minister, Kolleeginnen a Kolleegen, dese Projet de loi ass de 25. Mee 2010 duerch d'Madame Minister vun der Éducation nationale déposéiert ginn. Avisé goufen et vun der Chambre des Métiers, der Chambre des Salariés an der Chambre de Commerce.

De Statsrot huet de Projet den 22. Juni aviséiert. De Rapport, deen lech hei vir-läit, ass den 1. Juli vun der zoustänneger Chamberskommissioun ugeholl ginn.

Den Artikel 75 vum Gesetz vum 19. Dezember 2008 iwwert d'Reform vun der Berufsausbildung gesäit vir, datt d'Bestëmmungen iwwert d'Formation professionnelle de base an d'Formation professionnelle initiale a Kraaft sollen triede mam Ufank vum Schouljoer 2010/2011. Leider konnten awer bal 90% vun den Équipes curriculaires den Délai vum Juni 2009 net anhalen, fir d'Formationsprofiler an d'Programme-directeuren ze finaliséieren.

Heifir gëtt et e puer Ursachen: D'Reform gëtt wëssenschaftlech a methodologesch begleet vum Bundesinstitut für Berufsbildung vu Bonn, e Referenzinstitut um Gebitt vun der Berufsausbildung an Europa, dat d'Aarbechte vun den Équipes curriculaires säit August 2008 encadréiert. Dësen Encadrement ass awer ze spët geschitt, esou datt vill Berufsprofiler hu misse redresséiert ginn an doduerch ee Retard vu bis zu sechs Méint entstanen ass.

Derniewent gëtt d'Redaktioun vun den Aarbechte gréisstendeels vu Vertrieeder aus dem Schoulmilieu iwwerholl. Fir eenzel Formatiounen awer, wou et nëmme wéinég Léierjongen oder -meedercher gëtt, ass d'Zuel vun den Enseignanten, déi an den Equipé kënne matschaffen, zimlech limitéiert, esou datt et schwéier ass, déi festgeluechten Échéancen ze respektéieren. Sou kënne fir d'Rentrée 2010/2011 nëmmen d'Dixième-klasser vu ronn 20 Formatiounen, sougenannten „Formations phares“, nom neie Regime fonctionnéieren. D'Lëscht vun deene Beruffer gëtt festgehalen an engem Projet de règlement grand-ducal.

D'Ausarbechtung vum Rescht vun deenen 118 Kaderprogrammer, déi duerch 64 Equipé mat méi wéi 650 Leit erfollegt, geschitt no engem nei festgeluechten zäit-leche Kader.

D'Chamberskommissioun huet de Conseil d'État a sengen Iwwerleeunge suivéiert, wat de logisteschen Aspekt vum Gesetz ubelaangt, esou datt et aus folgenden zwee Artikele besteet: Am Artikel 1 gëtt festgeluecht, datt den Artikel 75 vum Gesetz vum 19. Dezember 2008 folgendermoossen ofgeännert gëtt: Dat virleidend Gesetz trëtt a Kraaft den éischten Dag vum Mount no senger Publikatioun am Mémo-

rial, mat Ausnahm vun deene Bestëmmungen, déi sech op d'Organisatioun vun der Formation professionnelle de base an der Formation professionnelle initiale bezéien, déi eréischt a Vigueur triede mam Ufank vum Schouljoer 2012/2013. D'Méiglechkeet besteet awer, iwwert de Wee vu Règlements grand-ducaux d'Formation vu verschiddene Beruffer virun dem Ufank vun deem Schouljoer ze organiséieren.

Am Artikel 2 steet, datt den Artikel 75bis an d'Gesetz vum 19. Dezember 2008 ageschriwwen gëtt, an deem festgeluecht gëtt, datt bis zum Akraafttriede vun de Bestëmmungen aus dem Artikel 75 de Cycle supérieur vum Regime vum Technicien ofgeschloss gëtt duerch en Examen, deen op nationalem Plang organiséiert gëtt. Dësen Examen gëtt ofgehalen virun den Examenskommissiounen, déi all Joer vum Minister vun der Éducation nationale nominéiert ginn. D'Kandidaten, déi dësen Examen réusséieren, kréien den Diplom als Technicien, deen d'Divisioun an d'Branch preziséiert, an deenen d'Kandidaten examinéiert gi sinn, an deen hinne bescheinegt, datt se zougelooss sinn zu héijeren technesche Studien.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn op d'Objektiver an déi wichtegst Punkte vum Gesetzesprojet agaangen. Fir weider Detailer verweisen ech op mäi schréffleche Bericht, ginn heimat den Accord vu menger Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Diederich Merci. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Mill Majerus agedroen. Här Majerus, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Mill Majerus** (CSV).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt e grouse Merci un den honorabelen Deputéierte Fernand Diederich fir säi schréfflechen a mündleche Rapport. Ech brénge fir dese Projet d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun. Mat dem Gesetz, wat mer haut stëmmen, gi mer den Acteuren um Terrain déi Zäit, déi se brauchen, fir déi grouss Reform vun 2008 am Beräich vun der berufflecher Ausbildung gutt ëmzesetzen.

Ech ënnersträiche gär nach eemol de groussen Enjeu vun der Reform vun 2008: éischters, den Niveau vun der Qualifikatioun a vun de Kompetenzen an der Formation professionnelle verbessern; zweetens, d'Schoul an de Berufsmilieu während der Ausbildung besser vernetzen; drëtens, am Unterrecht an och an der Evaluatioun de Modularregime aféieren; véiertens, d'Diplomer - besonnesch och um Niveau vum Techniker - reorganiséieren, a fënnfens, de berufflechen „lifelong learning“ opwäerten.

D'Gesetz vun 2008 setzt eng Rumm, déi sech auszeechent duerch innovativ Visiounen. Allerdéngs ass dee Kader, wéi all anere Kader, leschtlech dat wäert, wat déi ënnerschiddlech Acteure konkret doraus maachen. Hei ass also nach iwwer Jore vill Ëmsetzungsaarbecht néideg.

Mir verstinn, dass besonnesch d'Afféierung vum Modularregime e gewaltigen Aarbechtspensum duerstellt. D'Madame Erziehungsministesche huet eis informéiert, dass 650 Leit am Kader vu 64 Aarbechtsgruppen amgaange sinn, fir d'Ausbildungsprogrammer an d'Bewäertungskritäre fir 118 ënnerschiddlech Beruffer ze definéieren. Am Numm vu menger Fraktioun wëll ech all deene Merci soen, déi sech heibäi mat Kompetenz a Begeeschteerung engagéieren: am Ministère, an de Schoulen, besonnesch awer och de Vertrieederinnen a Vertrieeder aus de verschiddene Berufssparten.

Eisen Débat vun haut - um Enn vum Schouljoer 2009/2010 - gëtt mer d'Geleeënheet, fir am Numm vun eiser Fraktioun e puer méi allgemeng Remarquen ze formuléieren. Éischters: Mir ënnerstëtzen all Initiativen, déi d'handwierklech an technesch Beruffer opwäerten. Mir gesinn, dass eist Land op deem Punkt e grouss Potenzial huet, dat mir weider mat där néideger Energie valoriséiere müssen. Dat fänkt un an de Schoulen, mä et geet awer weider um Niveau vun de Berufscarriären. Villes ass mat bedéngt duerch eis typesch Lëtzebuerger Mentalitéit, an där mir eis als Elte-

ren dacks wënschen, dass eis Kanner sougenannt „gutt Bürosposten“ kréien.

Zweetens: Mir begréissen de Régime modulaire als eng wichteg Chance fir eis Bildungskonzepter. Hie gëtt d'Méiglechkeet, fir all Schüler an all Schülerinnen do ofzehuelen, wou se stinn. Dat ass wichteg a wäertvoll fir all Kanner. Et ass awer besonnesch eng Chance fir déi Jonk, déi eréischt kuerz hei zu Lëtzebuerg liewen oder déi schonns an hirem perséinlechen a schoulesche Curriculum mat Problemer konfrontéiert goufen.

De Modularitysystem bitt dem Proff an dem Schüler d'Chance, fir Defiziter opzeschaffen. D'Evaluatioun berout op dem System vun enger Unerkennung vun deem, wat effektiv geleescht gouf. Mir hunn eng Valorisation des acquis an net e Bilan des échecs. De Régime modulaire bitt d'Chance, fir d'Schüler besser ze motivéieren an hir Fortschreitter op eng méi sënnavoll Manéier unzëerkennen.

Dat gesot, ënnerstëtze mer d'Madame Erziehungsministesche an all hiren Initiativen, fir d'Leeschung an den Effort vun eise Schülerinnen a Schüler ze honoréieren. D'Schoul soll Spaass maachen a Freed vermëttelen. Mä all Léiere baséiert och um perséinlechen Invest vum Schüler. Anerefalls féiert déi eis all beschtbekannte Loi du moindre effort an d'Sakgaass vun engem bedauerlechen Nivellement vers le bas. Dat wëllt kee vun eis. Dofir brauche mer Incitatiounen, déi Schülerinnen a Schüler motivéieren, fir och an der Schoul - a vläicht just do, wou se besonnesch Talenten hunn - aus dem Suedel ze goen an iwwer sech erauszewuessen.

Drëtt Remarque: Mir ënnersträichen d'Wichtigkeet vun enger wëssenschaftlecher Evaluatioun vun neie Projekten am Erziehungsberäich. Dat ass mat e Garant fir d'Qualitéit, op déi et ukënnt. An deem Zusammenhang freeë mer eis, dass dacks och eis Lëtzebuerger Uni dobäi mat eng Roll spillt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Merci fir Är Opmierksamkeet.

► **M. le Président.**- Merci och dem Här Majerus. Als nächste Riedner ass den Här André Bauler agedroen. Här Bauler, Dir hutt d'Wuert.

► **M. André Bauler** (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Rapporteur, den honorabele Fern Diederich, huet dësen zimlech technesche Projet an all sengen Detailer ausféierlech belicht. Dat erspuert et mir, fir datselwecht nach eng Kéier ze maachen. Ech wëll him dofir Merci soe fir säin exzellente schréfflechen a mündleche Rapport.

Wéi hei an der Chamber den 18. November 2008 iwwert d'Reform vun der Berufsausbildung ofgestëmmt gouf, huet d'DP d'Reform u sech begréisst, gläichzäiteg awer och op eng Rei vu Problemer higewisen, déi duerch déi grouss Ëmstellung kéinten opdauchen. Leider ass et esou, datt eis Warnunge vun deemools genau sou agetruede sinn, wéi mir dat gefaart haten. Dat ass schued an äusserst bedauerlech fir d'Formation professionnelle, där hire Ruff an deene leschte Jore souwiso schonn net deen allerbeschte war an deen duerch dese permanenten Hin an Hier net onbedéngt wäert besser kënne ginn.

Här President, scho bei der Reform vun der Grondschoul hat d'Demokratesch Partei drop higewisen, datt déi praktesch Ëmsetzung um Terrain, also an der Schoul, net einfach wäert ginn, an datt ee sech besser nach ee Joer Zäit hätt solle loosser, fir d'Reform an aller Rou mat den implizéierten Acteuren, haaptsächlech awer mam Léierpersonal, virzebereeden. Bei der Berufsausbildung ass de Fall ähnlech. Alt nees eng Kéier sinn d'Schüler, d'Léierpersonal, d'Elteren an déi betreffen Entreprises, déi jonk Leit forméieren, d'Affär vun der onausgeräiften Ëmsetzung vun enger Bildungsreform.

Bei der Ëmstellung vun der Fächerlogik op eng kompetenzorientéiert Logik läit eiser Meinung no d'Kromm an der Heck. Esou eng Ëmstellung ass weder fir d'Enseignanten nach fir d'Schüler einfach ëmzesetzen oder nozevollzéien. Vill Enseignanten di sech schwéier mat der Kompetenzlogik, zumools wann dës Logik vill offe Froen opléisst. Coaching a Weiterbildung sinn néideg gewiescht. D'Demande fir

esou eng Weiterbildung ass och do, awer leider feelt et u Leit, fir dës Coursen ze halen.

Dann ass mer zu Ouere komm, datt et an eenzelne Lycéeën u Raimlechkeete feele wäert, déi erfuerdert sinn, fir där modularer Approche Rechnung ze droen, fir se ëmzesetzen, esou wéi d'Gesetz et verlaangt. Am Kloertext, a fir nëmmen ee Beispill ze nennen, heescht dat, datt am Lycée x, an deem fréier de Coiffeur am CATP an am CCM geléiert gouf, elo nëmmen nach am DAP, also am fréieren CATP, enseignéiert ka ginn, an datt déi aner Schüler, déi also an den CCP wëlle goen, sech en anert Gebai musse sichen.

Wann ee sech an de Lycéeën ëmhiert, bleiwen nach wie vor organisatoresch Froen onbeäntwert, virun allem, wat d'Ausschaffe vun de Stonnepläng ugeet. An och ronderëm den neie Bewäertungssystem schéngen sech nach etlech Froen ze stellen, déi et en cours de route ze kläre gëllt. Ech hu mer och soe gelooss, datt d'Bewäertungskritäre feelen, zumindest wiere se kenge Schouldirektoren oder Enseignanten zurzäit bekannt. D'Madame Minister kann eis do vläicht an hirer Interventioun Opschloss ginn.

Här President, et gëtt eng ganz Rei vu Grënn, firwat dës Reform zum groussen Deel ëm zwee Joer op d'Rentrée scolaire 2012/2013 muss no hanne geréckelt ginn. Et kann een dës Grënn och zum Deel novollzéien. Et ass och richtig, datt d'Madame Minister mat dësem Projet elo d'Noutbrems gezunn huet, fir datt d'Ëmsetzung vun der Reform net am Chaos endegt.

Dese Kuddelmuddel hätt de concernéierten Enseignanten a Schüler allerdéngs kënne erspuert bleiwen, wann een de Projet vun Ufank u méi detailléiert geplangt hätt. Esou ginn zwee zousätzlech Jore verluer. Zwee Joer, an deene weider an deene meeschte Formatiounen nom ale System geschafft a geléiert gëtt, während an 18 Formatiounen, déi den Hierscht ulafen, déi nei kompetenzorientéiert Approche applizéiert gëtt.

Dës Zweegleisegkeet ass an eisen Aen alles aneschtens wéi wëschenswäert. Wéi erkläert een engem Schüler, datt säi Kolleege an enger anerer Formatioun ganz aneschtens léiere soll wéi hien, an iwwerhaupt de Formationswee anescht ass, nämlech modular opgebaut ass? A wie garantéiert eis, datt 2012 deen neie System esou opgestallt ass, datt en opéabel ass? An anere Wieder: Riskéiere mer 2012 eis net erëm an enger ähnlecher Situatioun ermëtzefannen? Kee weess et. Kee kann eis do eng Assurance ginn.

Ech hoffen, datt de Ministère an dëser Saach net nëmmen en Noexame schreiwe muss, mä datt en hannen um Enn net nach mat senger eegener Reform sang-und klanglos duerchfält.

Ofschléissend, Här President, wëll ech lech soen, datt mer, obwuel mer d'Reform vun der Berufsausbildung nach ëmmer begréissen, dese Projet net kënne stëmmen. Opgrond vun der onzulänglecher Ëmsetzung vun der Reform menge mir, datt et héich Zäit ass, der Ministesch d'rout Kaart ze weise fir dat ganz Gewurstelt. Duerfir wäert d'Demokratesch Partei géint de virleiden Text stëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Bauler. Als nächste Riedner ass den Här Claude Adam agedroen. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Claude Adam** (déi gréng).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ier dese Projet de loi hei an der Chamber déposéiert gouf, war e schonns vum Statsrot aviséiert ginn. Doropshi war en zum Deel ëmgeschriwwen ginn. Den 18. Mee war den definitive Projet déposéiert ginn, an de 24. Juni 2010 ass e Rapporteur genannt ginn, den honorabele Fernand Diederich, deem ech wëll Merci soe fir seng gutt Aar-



becht a fir de mëndlechen an de schrëftleche Rapport. Den 1. Juli ass de Rapport mat de Stëmme vun der Majoritéit ugeholl ginn.

Fir kënnen nozevollzéien, ëm wat et bei dësem Gesetz geet, muss een zréck op d'Gesetz vum Dezember 2008 iwwert d'Reform vun der Formation professionnelle goen. Dëst Gesetz dréit iwwer 118 Formationen, déi reorganiséiert ginn an den Zougank zu de Certificats de Capacité Professionnelle, den Diplômes d'Aptitude Professionnelle an dem Technikerdiplom ginn.

déi gréng haten d'Noutwendegkeet vun enger Reform vun der Formation professionnelle net a Fro gestallt, waren awer mat der Envergure vun dëser Reform net zefridden. Mat den Ziler, wéi den hono- rabelen Här Majerus se opgezielt huet, kënnen mer averstan sinn, mat dem Wee dohinner awer net.

Déi vill Mësstänn an de Beräicher Aus- bildung an Aarbechtsmaart sinn drop zréckzeféieren, datt d'Politik an dëse Be- räicher déi gesellschaftlech Entwécklung jorelaang verschlof huet. Déi onflexibel Bildungs- an Ausbildungsweeër, déi steril Trennung tëschent Schoul- an Aar- bechtswelt gi weder dem demographes- che Wandel nach den Erausforderunge vun der Zäit gerecht.

D'Mindestuforderungen an de Beruffer sinn an deene leschte Jore geklomm, a gläichzäiteg gëtt sech beklot, datt vill Jon- ker einfach nach net räif genuch sinn, eng Ausbildung mat Erfolleg duerchzestoen. Hinne feelen oft Eegeschafte wéi Leeschtungs- bereitschaft, Zouverlässegkeet, Selbstännegkeet, Ausdauer, Teamfäegkeet. Hinne feelen awer och oft déi néideg schoulesch Basiskenntnisser, fir eng weider Ausbildung opzebauen.

D'Regierung schéngt mat der Bildungs- politik iwwerfuert ze sinn. Et gëtt zwar deelreforméiert a vill ronderëm gedoktert, mä de Bildungsmisär an d'Kris um Aar- bechtsmarché sinn esou net an de Grëff ze kréien. D'Bildungsreform muss beräichs- iwwergräifend duerchduecht an ëmgesat ginn. Déi verschidde Phase vun der Aus- bildung - Grondschoul, Secondaire, Stu- dium an Entrée op den Aarbechtsmaart - däerfen net als isoléiert Suite betruecht ginn, mä et muss flëssend lwwergäng geschaf ginn.

Duerfir misst een ënner anerem och déi schoulesch a berufflech Orientéierung méiglechst fréi ufänken. De Kanner an de Jugendleche soll d'Méiglechkeet gebuede ginn, ee Liewensprojet, deen hiren indivi- duelle Wënsch, hire Bedierfnisser a Fäeg- keeten entsprécht, ze entwéckelen. Duerfir brauche se optimal Bedéngungen an eng pedagogesch Begleedung.

D'Orientation par l'échec, déi eenzeg Form vun Orientatioun, déi bei eis Stan- dard an de Schoulen ass, ass net déi rich- teg Äntwert op d'Erausforderunge vun haut a vun der Zukunft. déi gréng fuerdere scho laang d'Aféierung vun enger „Maison de l'orientation et de la formation“, mat regionalen Antennen, a méi eng enk Ver- netzung vun den aktuellen Orientéie- rungsstrukturen, fir d'Schüler besser um Ausbildungswee begleeten ze kënnen an och besser bei der Sich no enger Aarbecht kënnen ze ënnerstëtzen. Mir sinn der Mee- nung, datt d'Zesummenaarbecht tëschent Schoul a Betriber muss verbessert ginn. Duerfir sollen och zousätzlech Schnuppertagen an de Betriber agefouert ginn. D'Handwierk muss erëm een erstrie- wenswäert Berufszil ginn.

An der Tëschenzäit, vun 2008 un, ass um Plang vun der Schoulorientatioun nach re- lativ wéineg geschitt. Mir müssen elo fest- stellen, datt déi Reform vun der Formation professionnelle net mat der néideger Suergfalt préparéiert ginn ass. De Kalenner fir d'Ëmsetze vun der Reform, dee jo vum Ministère selwer virgeluecht ginn ass, kann net agehale ginn. An dat ass net, well déi eng oder aner Équipe net fäerdeg ginn ass, mä 90% vun den Équiper hunn den Délai vum Juni 2009, fir hir Formatiounsprofiler a -programmer festzeleeën, net kënnen res- pektéieren!

Et ginn am Exposé des motifs eng Rei Ur- saache fir dës Retarde genannt, déi och all, eenzel gekuckt, verständlech sinn. Net fräi- gesprach kann awer d'Regierung vum Vir- worf ginn, si hätten déi Aufgab, déi se sech selwer gestallt hat, kräfteg ënnerschat an d'Moyenen, déi se huet, kräfteg iwwer- schat. De Projet de loi vun haut ass en Ageständnis vun dem État de fait.

Et ass net déi éischte Kéier, datt d'Éduca- tiounsministesch, zwar mar Enthusiasmus, awer iwwerstierzt an ouni déi néideg Suergfalt reforméiert. Beispiller gëtt et eng Rei: De Précoce ass fir d'Gemengen obli- gatoresch ginn, ouni eng Etüd am Virfeld, a mir wëssen haut nach net, ob en dat bréngt, wat mer eis erwaart hunn; „Eis Schoul“, e Projet phare fir d'Zesummen- aarbecht Uni/Ministère de l'Éducation na- tionale, eng École de recherche schliess- lech, ee Meilestee fir eng inklusiv Pedago- gik, muss ferm zréckrudderen, an och hei sinn d'Problemer méi grouss wéi erwaart.

D'Madame Minister hat ee Joer virun der grousser Reform vun der École fondamen- tale „cinq écoles en mouvement“ pro- claméiert. Dës Schoulen haten zum Zil, zwee Joer laang Erfahrungs- „socles de compétences“ an neier Evaluatioun ze maachen, an déi Erfahrungs- sollten an déi Reform vum Enseignement fondamental afléissen. Et ass ni dozou komm! D'Reform gouf verallgemengert, ouni iergendeen Notzen aus den Erfahrungs- vun den „écoles en mouvement“ ze zéien.

Här President, haut steet dann de Vote vun engem neie Kalenner vun der Reform vum Enseignement professionnel bevir. An d'Begeescherung vun deene Kreesser, déi jo eis Partner si bei dëser Reform, ass alles anescht wéi grouss. D'Chambre des Salariés gëtt hiren Accord net zu dësem Projet de loi. D'Chambre des Métiers an d'Chambre de Commerce bedauern déi schlecht Preparatioun, an all d'Kritike ginn an déiselwecht Richtung. Besser wier et, sech drop ze beschränken, just e puer For- matiounen bei der Rentrée op déi nei Schinn ze setzen, hei Erfahrungs- ze sam- melen, déi an d'Reform vun all deenen anere Beruffer kéinten afléissen, an dann all déi aner Formatiounen mateneen ulafen ze loosse.

Et schéngt eis - a mir stinn net eleng do mat eiser Meenung - ongënschteg, an der Formation professionnelle zwee verschidde Regimer nielteneen lafen ze loosse, déi souwuel vum pedagogesche Konzept wéi och vun der praktescher Ausféierung ganz verschidde sinn. Dat mécht d'Transparenz fir d'Schüler, d'Elteren an d'Enseignantë praktesch onméiglech an erschwéiert de Schüler d'Liewen.

Här President, ech zitieren net all déi ne- gativ Kommentare vun deene verschid- dene Berufsskummeren. Mir bedauern al- lerdéngs, datt dës Bedenken op daf Que- ren am Ministère gestouss sinn. Et ass dach wierklech bedenkelech a bedauerlech, wann ee vun den Haaptpartner vun dëser Re- form, d'Chambre de Commerce, déi schlecht Informationspolitik vun der Mi- nistesch bedauert a mengt, doduerch wie- ren och eng ganz Rei Retizenze vis-à-vis vun dëser Reform ze erklären.

Et ass erstaunlech, datt all déi Instanzen, déi op eng Reform gedrängt hunn, elo do- vir warnen, déi Reform esou onausgeräift op de Wee ze schécken. Et ass sech et ze vill einfach gemaach, wann als eenzeg Ex- cuse fir eng net koordinéiert Virgehensweis gesot gëtt, et kënn ee mat enger Reform net waarde bis dee Leschten iwwerzeegt wier, datt et géif klappen.

Déi gréng Fraktioun kann op alle Fall hiren Accord net zu dësem Projet de loi ginn. Mir wäerte mat „Neen“ stëmmen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Här Adam. Als leschte Riedner ass den Här Fer- nand Kartheiser agedroen. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et gëtt an dësem Land genee zwee Modeller fir d'Unterrechtspolitik: dee vun der Regie- rung, deen och soss vun enger Partie Par- teien, mat Ausnahm vun der ADR, matge-

droe gëtt op där enger Säit, an dee vun der ADR, dee mir exklusiv vertrieeden - am Abléck jiddefalls - op där anerer Säit.

Loosst mech se kuerz beschreiwen. D'Re- gierung an déi, déi si ënnerstëtzen, sief dat déi, déi an der Koalitioun sinn oder anerer, déi drécken den Niveau vun eise Schoulen erof. Hir Method ass dee beschtbekannten „nivellement vers le bas“. Déi Mëttelen, déi si benotzen, fir eis Schoulen dagdeeg- lech e Stéck weider ze ruinéieren, sinn den Unterrecht no Kompetenzen, deen dozou féiert, datt eis Kanner näischt méi systema- tesch léieren; d'Ofschafung vum Punkte- system, esou datt kee méi weess, wou en drun ass, weder d'Kanner nach hir Elteren; d'Kompensatioun, déi leider haaptsäch- lech d'Faulheet encouragéiert, an dee sys- tematesche Sabotage vun all Form vun Disziplin. Déi ass jo awer néideg, fir datt een iwwerhaupt eppes ka léieren.

Deen do Konzept vun eiser Regierung gëtt och nach begleet vun Onmasse vun iwwerflëssege bürokratesche Prozeduren, déi net nëmme vill Zäit kaschten, mä och nach gläichzäiteg d'Motivatioun vum Léierpersonal erstécken. Et ass e Konzept, deen net vill Verantwortungsgefill a Realis- mus weist, en hypothekéiert d'Zukunft vun eise Kanner.

D'ADR proposéiert dergéint eppes ganz anescht, e konsequent leeschtungsorien- téierte Schoulsystem, deen eis Kanner op eng kompetitiv a globaliséiert Welt virbe- reet. Eng Schoul, an där d'Kanner nach Wäerter an Disziplin léieren. E Schoulsys- tem, an deem eis Schoulen hir Qualitéit duerch eng gewëssen Autonomie a Kon- kurrenz zueneen all Dag mussen ënner Bewäis stellen. Eng Schoul, an där admi- nistrativ, organisatoresch an Uerdnungs- aufgaben engem richtegen Direkter uver- traut ginn. Eng Schoul, an där d'Léierper- sonal sech kann op d'Kanner konzentréie- ren, net op Formulieren oder Questionnai- ren. Eng Schoul, an där d'Leeschtung an all Eenzelfach objektiv a gerecht bewäert gëtt.

D'ADR hätt gär eng Schoul, déi eis Kanner intellektuell, karakterlech a moralesch stäerkt an opbaut a si op hir Zukunft an e Liewe virbereet, wat beileiwen net ëmmer einfach ass. Eng Schoul, an där geschafft gëtt mat Freed, Fläiss, Engagement, Moti- vatioun, Éiergäiz a mat dem Wonsch, all Dag e Stéck besser ze ginn.

Dat, Här President, sinn déi zwou Optiou- nen. Dat ass déi Wiel, déi mir als ADR dem Land offéieren: e richtegen, klore Choix tëschent enger Politik vun der „Schoul- Médiocritéit“, wéi d'Regierung se mécht, an enger Leeschtungskultur. A wien déi zwou Optiounen däitlech virun Aen huet, dee ka sech net doriwwer wonneren, datt mir der Regierung hire Projet iwwert d'Re- form vum Berufsunterrecht net wëllen an net kënnen matdroen.

Här President, den Här Rapporteur huet sech wierklech vill Méi ginn, fir dee Projet ze erklären an ze justifiéieren - mir soen him och Merci fir déi Aarbecht -, mä iwwerzeege konnt hien eis net! Mir wëllen haut emol net iwwert déi Gesamtreform vum professionellen Enseignement schwät- zen - dozou kréie mir jo nach d'Geleeën- heit -, mä, och wa mir eis just nëmme dat Gesetz vun haut ukucken, kënnen mir nëmme de Kapp rëselen.

Wéi ass dat méiglech, datt eng Regierung eng Reform vum Berufsunterrecht wëllt duerchboxen, déi vun deenen Haaptbe- traffenen, der Chambre des Salariés, der Chambre de Commerce, esou kritesch gekuckt gëtt? A wann ech soen „kritesch“, da sollt ech éischter soen „negativ“!

Jiddweree kritiséiert, datt d'Madame Del- vaux wëllt ze vill grouss, ze vill déif, ze vill breet Reforme gläichzäiteg ze vill séier duerchsetzen. Do feelt wierklech keng méiglech Feelerdimensioun vum poli- teschen Handwierk! Eng „réforme précipi- tée“ soen déi eng, déi aner froen e Mora- toire. Et gëtt geschwat vun enger „absence de partenariat“ mam Handwierk a mat de Chambres professionnelles. Mä wéi, froe mir eis, soll een dann eng seriö Reform vum Berufsunterrecht ëmsetzen, ouni eng wierklech Matbedeelegung an eng voll Ën- nerstëtzung vun deenen Haaptconcer- néierten, also och vum Handwierk a vun den Entrepenen?

An der Ëmsetzung vun deem ganze Projet, dee selbstverständlech alt nees kompetenz- orientéiert soll sinn an duerfir vum Secteur zu Recht kritiséiert gëtt, huet d'Madame Minister Delvaux sech ëm voll zwee Joer verrechent, an duerfir mussen mir haut légi- férieren. Et feelt un Zäit a Leit, gëtt gesot, fir de Projet ëmzesetzen. Gott sei Dank, géif ee bal mengen! Et feelt virun allem och u klore an nach méi u vernünftege Virstellungen. Et ass net eng Reform vun der Formation professionnelle, et ass, esou fäert d'Chambre des Salariés zu Recht, herno eng „dévalorisation de la formation professionnelle“! Fir dës Reform kritt d'Ma- dame Unterrechtsminister eng déck Datz. Mir hunn och héieren, datt aner Parteien net zefridde sinn.

Loosse mer emol net drop insistéieren, datt dee ganze Gesetzesprojet, deen iwwregens nëmme eng Koppel Artikelen huet, och nach schlecht a mëssverständ- lech formuléiert war. Vill méi schlëmm ass an eisen Aen, datt, ausser der Madame Delvaux hire Virstellungen, keen Argument fir déi Reform plädéiert, déi elo op eist aarmt Land duerkënn.

Lauschtert emol, wat zum Beispill d'Cham- bre des Métiers seet. Si freet e Moratoire, fir emol eng Analys kënnen ze maache vun der aktueller Situatioun, fir d'Forcen an d'Faiblesse vun der aktueller Situatioun kënnen feststellen. A si seet, datt esou eng Analys bis haut nach net gemaach gouf. Dat muss ee sech dach emol virstel- len!

Amplaz systematesch ze probéieren, op d'Stärkte vun eise aktueller System op- zebauen, fir en nach weider ze verbesseren a seng eventuell Schwächen ze iwwer- wannen, gëtt einfach alles ëmgestouss, ouni Analys, an da gëtt eppes anescht dohi gesat. An emol dat net systematesch: Et gëtt keng Prioritéiten, keng kloer Prozedu- ren, keng anstänneg Participatioun!

Amplaz eis technesch Beruffer an eist Handwierk an der Konkurrenz mat der Groussregioun méi staark ze maachen, ge- schitt hei eppes Onbegreifliches: Am on- heelvolle Geescht vum „nivellement vers le bas“ ginn eis Handwierker an eis tech- nesch Beruffer vun elo un ëmmer manner gutt wéi bis elo op hire Beruff virbereet. Dat kann dozou féieren, datt d'Leit nach éischer Spezialisten aus der Grenzregioun komme loosse, well si herno kee Vertraue méi an d'Ausbildung vun eisen eegene Leit hunn!

Wéi seet d'Chambre de Commerce esou schéin iwwert dës Reform? Si freet, datt een emol soll fir d'Éischt eng „phase pilote“ bei esou enger Reform virgesinn, ënner anerem fir, ech zitieren „tester l'ac- ceptation de la part du marché de travail et la pertinence de la démarche adoptée en matière de validation des acquis de l'expérience“.

Här President, op Lëtzebuergesch iwwersat heescht dat, datt d'Patronen net wëssen, ob si nach bereet sinn, fir deenen eng Aar- bechtspolz ze ginn, déi mat engem Del- vaux-Diplom an hir Dier klappen. Et kom- men also gëllen Zäiten op déi Frontalieren duer, déi am Ausland nach eng anstänneg Formatioun kruten!

Mir hunn eng Regierung, déi eis eege Schoulen esou systematesch an esou ëm- faassend diskreditéiert, datt eis eege Kanner geschwé besser hunn, fir hir Schoulen an hir Berufsausbildung am Aus- land ze maachen. Deen Duercherneen, deen d'Madame Minister Delvaux verur- saacht, kennt keng Limité méi! Wat seet d'Chambre des Salariés eleng iwwert déi temporal Dimensioun an dësem Gesetz: „Il est déraisonnable et improductif d'organi- ser des formations professionnelles selon deux régimes législatifs et deux concepts pédagogiques différents.“

Wa mir hei enges Daags nach iwwert deen eigentleche Fong vun dëser Reform schwätzen, a besonnesch och iwwert déi sougenannten Épreuve finale vun där For- matioun, da ginn lech wéi eis d'Schudde- ren aus.

Här President, d'Reform vum Berufsunter- recht, esou wéi d'Regierung se elo ëm- setzt, huet sech nees als schwéiere Feeler erausgestallt. Mir zéien d'Konsequenzen a soen Neen zu dësem Gesetz.

Merci.



► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Kartheiser. Elo kritt d'Wuert d'Unterrechtsministerin Mady Delvaux-Stehres.

► **Mme Mady Delvaux-Stehres**, *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat Gesetz, wat hei virläit a wat elo kommentéiert ginn ass, dat ännert näischt un deem ganze Konzept vun der Reform vun der Formation professionnelle. Ech kommen heihinner mat engem Projet, fir en Délai ze froe fir d'Ëmsetze vun der Totalitéit vun den Dispositionen, déi an deem Gesetz sinn.

Et ass also déiselwecht Reform vun der Formation professionnelle, déi am Joer 2008 hei an der Chamber gestëmmt ginn ass. An deem Vote vun deem Projet 2008 ass eng laang Virbereedungsphas virausgaangen, wou e puer Ministeren dru geschafft hunn, ganz vill Conseilleren am Ministère a ganz vill Mataarbechter vun de Chamberen, well et ass e Gesetz, wat am Partenariat mat de Chambres professionnelles ausgeschafft ginn ass a wat deemools och e grouse Konsens fonnt huet.

Ech gesinn, muss ech haut soen, eigentlech nach keen Argument, wat dergéint schwätzt, dass dat Konzept, wat 2008 a ville Réuniounen zesummen ausgeschafft ginn ass, vu dass et nach net ëmgësat ass, gesinn ech elo net, wou d'Argumenter sinn, déi do dergéint schwätzen.

De Reproche, deen ech unhuelen, dat ass, dass ech 2008 ze vill optimistes war. Ech war no allen Informatiounen, déi mir virleien, wou gesot ginn ass, mir kënnen am Joer 2010 ufänke mat all de Formatiounen, déi dann nom neie Regime funktionéieren, ech hunn dat gegleeft. An ech stellen einfach elo fest, dass mer d'Aarbecht ënnerschat hunn, an dass mer net prett sinn, fir mat allen 108 oder 112 Formatiounen zesummen elo am Hierscht unzefänken. Dat ass eppes, wouriwwer ech net frou sinn, mä dat dämpft awer net mäin Optimismus.

Ech gleewen nach ëmmer drun, dass dat de richteg Wee ass. An et ass - wëll ech awer och hei soen - immens vill Aarbecht an de Gruppen, an den Équipeë gemaach gi fir nei Beruufsprofiler, nei Ausbildungsprofiler, Evaluationskritären. An déi Formatiounen, déi elo net prett sinn, fir de September unzefänken, déi sinn awer an hiren Aarbechte scho wäit weiderkomm, sou dass ech ganz zouversichtlech sinn, dass mer am nächste Schouljoer kënnen mat deene Formatiounen ufänken.

Ech muss soen, beim Nolauschtere wonneren ech mech och iwwert déi Kontradiktionen, déi hei vu verschiddene Virriedner duergeluecht goufen, well engersäits gëtt gesot, et wär awer elo gutt mat Formations phare oder Formations pilote unzefänken, fir ze kucken, ob dat eppes gëtt. An am gläichen Otemzuch gëtt gesot, dat ass awer net an der Rei, dass do déi eng eng traditionell Formatioun hunn an déi aner an enger neier Formatioun funktionéieren. Wéi een déi zwou Aussoe ka matenee verbannen, dat ass mir e Rätsel. Datselwecht ass iwwregens an den Avisé vun de Chambres professionnelles, wou se soen: „Maacht emol e Projet pilote!“ An awer op där anerer Säit soe se: „Dir dierft awer net zwee verschidden Ausbildungssystemer nieftenee funktionéiere loosse.“

Also, déi zwou Saachen zesumme kann ech net erfëllen. Dofir hunn ech derfir optéiert, fir elo déi Formatiounen, déi prett sinn, lafen ze loosse. Dat gëtt eng gewëssen Ëmstellung an de Schoulen, well effektiv modulären Unterrecht ze maachen, dat ass fir d'Direktioun vum de Schoulen eng Erausforderung, fir déi Stonnepläng opzestelle fir d'Säll.

Ech muss awer soen, dass déi Schreckensnoriichten, déi den Här Bauler hei verbreet, dat kann ech esou als offizielle Message net unhuelen. Dat si Gespréicher an der Fräizäit, wou deen een emol seet, sech iergert. Dat kënnt iwwerall vir. Ech loosse mech doriwwer... Ech hu vill Gespréicher mat den Direkteren, besonnesch déi, déi déi Formation professionnelle hei organiséieren, an och, wa se soen, et gëtt net esou einfach, da sinn ech awer zouversichtlech, dass mer dat hikeréien.

Ech wëll och hei ganz kloer soen, dass kee Schüler hei léséiert gëtt. Jiddweree kann déi Beruufsausbildung ufänken, déi mer dann zu Lëtzebuerg offréieren. Déi eng am Ancien régime, déi aner am neie Regime, sou dass ech am Fong déi Virwërf do net richtig kann novollzéien.

Ech soen deene Riedner, déi hei d'Reform, déi eng Demande ënnerstëtzen, fir a verschiddenen Délaien unzefänken, deene soen ech villmools Merci. An zum Schluss wëll ech da just soen, dass ech dru gleewen, dass eis Schoul reformfäeg ass an dass mer scho vill Schrëtt gaange sinn, an dass ech och ganz zouversichtlech sinn, dass mer dat Zil, wat heescht, d'Schüler esou héich wéi méiglech qualifizéieren, se motivéieren, dass se déi Leeschtung bréngen, déi vun hinnen erwaart gëtt, dass ech ganz zouversichtlech sinn, dass mer dat erreechen.

Ech soe Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci der Madame Ministesch. Domadder wär d'Diskussion ofgeschloss a mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6140 ass ugeholl mat 39 Jo-Stëmmen, géint 20 Neen-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Marcel Oberweis), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert (par M. Mill Majerus) et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Ben Fayot), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Marc Angel), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz.

Ont voté non: MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen (par M. Carlo Wagner), Paul Helminger (par Mme Anne Brasseur), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

6. Motion de M. Félix Braz sur le respect des droits de l'Homme en République populaire de Chine (suite)

Da kéime mer nach zur Motioun iwwer China. Wéi ech dat virdru konnt feststellen, schéngt do eng ganz grouss Unanimité sech erausgeschielt ze hunn, sou datt mer kënnen iwwert déi Motioun à main levée ofstëmmen.

Motion modifiée

La Chambre des Députés,

- *considérant que les droits de l'Homme sont un concept universel selon lequel tout être humain possède les mêmes droits inaliénables;*

- *rappelant que la Constitution de la République Populaire de Chine a été amendée en 2004 et qu'elle retient désormais que «l'État respecte et préserve les droits de l'Homme»;*

- *constatant que la République Populaire de Chine a lancé en avril 2009 un plan visant à améliorer la situation des droits de l'Homme dans les deux années à venir;*

- *prenant acte que la question des droits de l'Homme est soulevée de manière régulière avec les autorités chinoises lors d'entrevues bilatérales et dans le cadre du dialogue droits de l'Homme UE-Chine et du dialogue politique UE-Chine;*

- *prenant acte de la déclaration de la Présidence de l'UE le 25 décembre 2009 à l'occasion de la condamnation de Liu Xiao Bo et de la déclaration de la Haute Représentante Catherine Ashton début février 2010 s'inquiétant de la disparition depuis un an de l'avocat des droits de l'Homme Gao Zhi Sheng;*

- *rappelant que Liu Xiao Bo a été condamné à 11 ans de prison pour avoir été l'auteur de la Charte 08 pour une réforme démocratique de la Chine et pour avoir publié des essais sur les droits de l'Homme sur Internet;*

- *prenant acte des conclusions du Conseil Affaires générales relations extérieures de décembre 2009;*

- *exprimant son inquiétude sur la situation des droits de l'Homme en Chine et constatant qu'il y a eu très peu de progrès dans nombre de domaines, tels le respect des lois, la liberté d'expression, d'association et de religion, les droits des minorités et que le recours à la peine de mort est permanent et fréquent;*

invite le Gouvernement

- *à œuvrer pour une libération immédiate de Liu Xiao Bo et d'autres militants des droits de l'Homme en Chine;*

- *à continuer de manière proactive le dialogue UE-Chine et à évoquer les cas de violations graves des droits de l'Homme de manière effective et récurrente.*

(s.) Félix Braz, Claude Adam, François Bausch, Henri Kox, Viviane Loschetter.

Vote sur la motion modifiée

Wien ass mat där Motioun d'accord?

Déi Unanimité huet sech hei elo an der Praxis gewisen. Domadder ass déi Motioun och à l'unanimité ugeholl.

Mir kommen dann elo zum Projet de loi 6095, engem Accord mat Marokko iwwert d'Services aériens. Hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht. Et huet sech bis elo keen ageschriwwen, sou datt de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marc Spautz, eis elo alles wäert soen. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

7. 6095 - Projet de loi portant approbation de l'Accord euro-méditerranéen relatif aux services aériens entre la Communauté européenne et ses États membres, d'une part et le Royaume du Maroc, d'autre part, signé à Bruxelles, le 12 décembre 2006 et de ses Annexes

Rapport de la Commission du Développement durable

► **M. Marc Spautz** (CSV), *rapporteur*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, bei deem Accord geet et drëm, wou d'Europäesch Unioun zesumme mat den Drëttlänner aus dem Balkan en Accord fënn, fir Loftfahrtotkommessen ze maachen; dës Kéier ass et en Accord, dee mer maache mat Marokko. Déi Konventioun ass 2006 ënnerschrifft gi vun der Europäescher Unioun mat Marokko. Fir Lëtzebuerg bedeit dat, dass et ganz wichteg ass, dass mer do en Accord kréien, well ëmmer méi där Flich vun eiser Luxair, vu LuxairTours zesumme mat Marokko gemaach ginn. An esou ass et och eng gutt Saach fir eis, dass mer deen Accord do kënnen mat gutthalen als Lëtzeburger.

De Conseil d'État huet drop higewisen, dass do déi eng oder aner Disposition dran ass, déi bei aneren Accordé scho fonnt ginn ass, wou et geheescht huet, mir géifen eng Souveraineté nationale opginn; bei dësem Traité ass et méi einfach, well eng aner Formulatioun fonnt ginn ass, fir dass och de Conseil d'État domadder averstanen ass.

De Conseil d'État hat just eng grammatikalesch Ännerung virgeschloen, déi mer och zrëckbehalen hunn, sou dass mer dann elo den Accord, ech géif proposéieren am Numm vun der Kommissioun,

géife stëmmen, fir dass mer dann en europäeschen Accord an der Loftfahrt tëschent der Europäescher Unioun a Marokko kënnen unhuelen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Rapporteur Merci. Dat war méi wéi kloer. Mir kommen direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir si méi schnell wéi d'Maschinn; elo ass se do. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen.

(Brouhaha général)

De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6095 ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Christine Doerner), MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden (par M. Félix Eischen), Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen (par M. Mill Majerus), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert (par M. Marcel Oberweis) et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Ben Fayot), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Marc Angel), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen (par M. Carlo Wagner), Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch (par M. Eugène Berger), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira (par M. Félix Braz), Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. François Bausch);

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Als leschte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut hu mer elo eng Aktualitéitsstonn, déi vun deene Gréngen ugefrot ginn ass iwwert d'RGTR-Buslinnen. D'Riedezäit ass hei nom Artikel 84, zweeten Alinea vum Chambersreglement festgehalten a gesäit Folgendes vir: Där Fraktioun, déi d'Aktualitéitsstonn ugefrot huet, stinn...

(Interruptions)

► **Une voix.**- D'Regierung ass net do!

► **M. le Président.**- Mir fänken emol un, da gi mer dovun aus, datt...

► **Plusieurs voix.**- Oh neen!

► **Une voix.**- Neen, mir fänken net un, wann d'Regierung net do ass.

► **Plusieurs voix.**- En ass do!

(Interruptions)

► **M. le Président.**- Also, där Fraktioun, déi d'Aktualitéitsstonn ugefrot huet, stinn zéng Minutten zou, deenen anere Fraktiounen jeeeweils fënnf Minutten, de Sensibilitéiten zwou Minutten an der Regierung, déi sécherlech elo wäert antreffen, eng Véirelstonn. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Spautz, Berger, Negri a Gibéryen. An d'Wuert huet elo den honorabelen Här François Bausch als Vertrieder vun der Fraktioun vun deene Gréngen.